LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul a vun der Madamm Minister fir Gläichstellung an Diversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2341 vum 19. Mee 2025 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig**

**1) De Rekter vun der Uni Lëtzebuerg berifft sech bei senger Ukënnegung ausdrécklech op den Accord vun der Regierung. Kann d'Madamm Minister preziséieren, datt d'Regierung der Uni Lëtzebuerg dësen Accord ginn huet? Wa jo, wéi ee Minister huet der Uni Lëtzebuerg dësen Accord ginn?**

No enger breeder Konsultatioun innerhalb vun der Universitéit Lëtzebuerg tëscht 2020 an 2024 gouf d'Initiativ der Madamm Minister fir Gläichstellung an Diversitéit presentéiert, déi hir Ënnerstëtzung am Aklang mam Artikel L. 243-1 vum Aarbechtsgesetzbuch zougeséchert huet (Punkt 6: Moossname fir de besseren Zougang vum ënnervertruedene Geschlecht zu Verantwortungsposten a Poste mat Entscheedungskompetenz ze ënnerstëtzen).

Am Respekt vum Artikel 15, Paragraf 3, vun der Lëtzebuerger Verfassung, dee festhält: „D'Fraen an d'Männer si gläich a Rechter a Flichten. De Staat suergt aktiv fir d'Eliminatioun vun Hindernisser, déi der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer entgéint stinn.", an op Grondlag vum Artikel L. 242-3, Paragraf 3, vum Aarbechtsgesetzbuch, huet d'Madamm Minister fir Gläichstellung an Diversitéit den 18. Juli 2024 bestätegt, datt d'Universitéit berechtegt ass, weiblech Kandidaturen am Kader vum Exzellenzprogramm *Anne Beffort* prioritär ze behandelen.

**2) Ass d'Madamm Minister net der Meenung, datt et sech bei der Initiativ "ouvrir le recrutement de professeurs uniquement aux femmes pendant six mois" ëm eng Form vun Diskriminéierung géintiwwer männleche Kandidaten handelt?**

D'Posten am Kader vum Exzellenzprogramm *Anne Beffort* ginn an Departementer opgemaach, an deenen d'Frae bei de Professeren däitlech ënnerrepresentéiert sinn:
- Informatiksdepartement: 0 % Fraen als Professeren;
- Mathematiksdepartement: 11 % Fraen als Professeren;
- Ingenieursdepartement: 19 % Fraen als Professeren.

Verdéngscht soll ëmmer mat Chancëgläichheet Hand an Hand goen. Laut dem Rapport vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer (*SHE Figures*) läit Lëtzebuerg op der leschter Plaz an engem Index, deen d'Fortschrëtter vun de Memberstaaten an der EU an der Gläichstellung am *Europäesche Fuerschungsraum* (ERA) moosst. Ausserdeem weist dee selwechte Rapport, datt Fraen op héijen akademesche Poste vum Rang A (z. B. Titulaire-Professeren) staark ënnerrepresentéiert sinn (*SheFigures2024*).

Et ass bewisen, datt geméschten Ekippe méi dacks bereet sinn, etabléiert Iddien a Fro ze stellen, Virurteeler ofzebauen an no Léisungen ze sichen, déi e soziale wéi och ekonomesche positiven Impakt hunn. D'Paritéit tëscht Männer a Fraen an den universitären Departementer dréit zousätzlech zur Qualitéit vum Enseignement bäi, andeems se verschidde Perspektiven afléisse léisst, a gläichzäiteg de StudentInnen inspiréierend Rollemodeller bitt, déi Ambitiounen an d'Chancëgläichheet férderen.

**3) Firwat gëtt hei nëmmen nom Geschlecht gekuckt an net no anere Krittären, wéi Behënnerung, Ethnie oder sozial schwaach Gesellschaftsschicht, also Leit, déi noweislech ënnerrepresentéiert si par rapport zu wäissen, privilegéierte Fraen ouni Behënnerung, déi sech bewerbe kënnen?**

D'Zougehéieregkeet zu anere Minoritéiten oder ënnervertruedene Gruppe gëtt och vun der Universitéit Lëtzebuerg berécksichtegt, wéi dat och bei all Rekrutéierungsprozess vun der Universitéit de Fall ass.

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN